

Wäert Éiregäscht,
Dir Dammen an dir Hären,
Léif Frënn

Virun e puer Wochen huet en eeleren Här mech an engem Restaurant ugeschwat. Hee sot: „Ech hunn de Jemp gutt kannt.“ Wéi e gesinn huet, dass ech net direkt nokomm sinn, sot heen: „Äre Bop, den Hoscheids Jemp, hee woar mäin Trainer.“ An do huet e betount: „Dat woar quelqu’un.“

Den Hoscheids Jemp woar Schlässer op der Schmelz an zum Schluss vun senger Karriär Viroarbechter. Net zu Belval, mee op Terres Rouges, mee wéi Der vläicht wësst, woaren dës zwee Wierker laang eng Eenheet an durch villes verbonnen, ënnert dem Sammelbegrëff Division Belval.

Dem Meise Jang säi Monument, der Amicale hiirt Monument ass ee Monument zur Erënnung un Oarbechter wéi hien. Un Dausende wéi hien, déi „quelqu’un“ woaren an déi eppes haten, och wann se materiell gesinn oft mol net en Haus hiirt eegent konnten nennen an och wann se a kengem Geschichtsbuch mam Numm figuréieren.

An dat wat se haten, hunn se net a Priedegten virgedroen, mee si hunn et virgelieft. Ech wéilt hei nëmmen dräi Eegenschaften ervirhiewen, déi mäi Bop mer virgelieft huet, awer och déi Oarbechter, déi meng Trainere an der Jeunesse woaren wéi de Ruffinis Raym an de Battibuglis Félix, oder awer wéi mäi Papp, deen den triste Privileg hat, fir d'éischt Terres Rouges an dann Diddeleng mat zouzemaachen iirt en op Belval komm ass, fir dann och do mat unzekucken wéi d'Héichiewen ausgeblöse gi sinn.

Dat éischt wat se virgelieft hunn ass Authentizitéit. Déi Leit un déi d'Monument erënnert, si Leit déi einfach an allem wat se gemaach hunn, gewisen hunn, hu misse weisen, dass se ganz do woaren. Zu hirer Authentizitéit huet och gehéiert, dass se visavi vu mär als jonke Borscht wéi visavi vun Aneren deen Don haten,

d'Mënschen ronderëm sech ze akzeptéiere wéi se sinn. Et ass keen Zoufall, dass mer déi Authentizitéit erëmfannen an den Nimm, déi se de Leit ginn hunn, mat deenen se geschafft hunn awer och de Maschinnen an Elementer ronderëm sech, grad hei zu Belval, grad ronderëm d'Héichiewen: vum Highway iwert de Guckuck zum Torpedo an zum Humpen, vum Ersaufen iwer d'Déifblösen bis zum Ofstiechen vun der Sau.

Dat zweet wat dës Oarbechter virgelieft hunn, ass dat wat d'Franzousen Humilité nennen, Bescheidenheet. Dëst Monument erënnert u Leit, déi riichter aus woaren an déi, wéi ee seet, d'Häerz op der Zong leien haten, déi couragéiert woaren, denen d'Oarbecht alles ofverlaangt huet an deenen hiren Asaz déi aner matgerappt huet, déi zéi woaren, an engem Emfeld, wou d'Rad vum Liewen e bësse méi séier gedréint huet wéi soss anzwousch, an déi trotzdem ëmmer realistesch bliwwen sinn an ni ofgehewen hunn.

Juste ee Beispill aus der Pionéierzäit vun der Belvaler Schmelz. Wéi 1919 d'Oarbechterausschusser an all Industriebetrieb agefouert goufen, krut och Belval-Terres Rouges e gemeinsamen Haaptausschuss vun 12 Leit. Den Ausschuss ass deemools oft vum Patronat als eng Zort virrevolutionär Organisatioun duergestallt ginn. Wa mer awer déi aldeeglech Praxis vum Belvaler Ausschuss kucken, da stelle mer fest, dass et an de Versammlungen ëm Grompere fir de Wanter gaangen ass, ëm Eschen fir d'Gaardeweër an de Kolonien. Op der Dagesuerdning vum 10. Dezember 1920 fanne mer folgend 3, revolutionär' Punkten: 1. Bespriedung vun der Grompereliwwerung; 2. Bespriedung iwert eng Prime zum Schluss vum Geschäftsjoer; 3. Lounreklamatioune vu verschiddene Betriber: Dages- a Schichtléin vun de Minièren, Schlässer vun der Gaszentral, Walzendréierei a Möllerei.



Mat Humilitéit ass et dem Ausschuss gelungen eng Sozialpolitik vun de klengen Schrëtt durczsetzen bis zu Moosnamen, déi eréischt Joren dono eng gesetzlech Form kruten, wéi de Congé payé, wéi e geregelte Vertrag fir d'Léierbouwen, wéi d'Kannergeld. Mat Humilitéit hunn awer och d'Oarbechter déi verschidenste Krisen durchlieft. D'Oarbechtsplaz verléieren, de Betrieb an och de Genre Oarbecht an d'Schicht wiesselen, sech weiderbilden an ëmschoulen, mat der Angscht virun der Zukunft an der Ongewëssheet eens ginn, dat ass fir vill Mënschen vläicht haut nei, mee net fir d'Schmelzoarbechter. Si liewen domat zënter méi wéi 30 Joer.

Dat drëtt wat all déi Oarbechter, an deenen hirem Schiet ech d'Chance hat grousszeginn, mer virgelieft hunn ass d'Solidaritéit. Net dat eidelt Wuert, dat mer elo zënter puer Méint am Mond vun deene féierende Leit aus Wirtschaft a Politik héieren, déi eis an de leschte Joren ëmmer de Géigendeel erkläert hunn, z. B. dass et normal wir, dass 30-jähreg Gestionnaire vu Pensiounsfontge op der New Yorker Wallstreet aus Grënn vu Rentabilitéit iwer d'Zukunft vun Industriebetriebe hei zu Lëtzebuerg géifen decidéieren.

Déi Solidaritéit, déi si virgelieft hunn, woar kee Slogan, mee si ass ervirgaangen aus enger Grondiwerzeegung, ouni déi en Oarbechter am Betrieb an an der Gesellschaft keng Chance gehat hätt. Neemlech déi heiten: „Ech kann nëmmen réusséieren wann déi Aner och reusséieren.“ Sie hunn déi eenzeg richteg Äntwert op d'Problemer vun eiser Gesellschaft ginn, andeems se des fundamental Fro gestallt hunn: „Individuell Réussite ass natiirlech ganz wichteg, mee welche Wäert huet meng eege Réussite wann den Aneren net réusséiert?“

Ausschuss a Gewerkschaften hunn dat zu Belval schonns am Februar-Mäerz 1920 virdemonstréiert wéi se am Numm vun der Solidaritéit verhënnert hunn, dass 450

Oarbechter entlooss ginn. Si hunn et am Mäerz 1921 gewisen wou se fir hir Kollegen vu Déifferdeng, Rodange a Stengefort gestreikt hunn an dofir selwer entlooss gi sinn. Si hunn et gewisen an Oarbechtkämpf 1936, mee och 1953, 1958, 1961, 1973 an 1982, fir nëmmen e puer grouss Momenter ervirzehiewen. Grad a Krisen gesäit een wéi wichteg et ass, dass si de Sozialstaat erkämpft hunn, andeems se ëmmer erëm hei zu Lëtzebuerg versicht hunn, desene essentiellen demokrateschen a soziale Projet anzefuerderen: neemlech d'wirtschaftlech Gesondheet vun der Natioun op de Wuelstand vun all sänge Bierger obzebauen.

Déi selwescht Solidaritéit woar batter noutwendeg, wéi d'Kollegen vun der Amicale des Anciens du Haut-Fourneau A et B wëssen, wann mat de Stauten vun dem engen oder aneren Héichuewen huet misse gekämpft oder innovativ Léisungen fir nei technesch Erausforderungen hu misse gesicht ginn. D'Solidaritéit am Leed huet de Roby Gales och schonns erwähnt. Wéivill Oarbecht et bedeit d'Erënnerung un des Solidaritéit oprecht ze erhalen, ënnersträicht de Fait, dass nach keng Statistik iwer d'Zuel vun den déidlechen Akzidenten zu Belval besteet. Hoffentlech gëtt d'Monument d'Uregung eng spezifesch Recherche zu dem Beräich unzestiwelen, nët nëmmen fir Belval, mee fir all d'Schmelzen am Land.

E Monument als Erënnerung. D'Flam vun der Erënnerung fir d'Leit vun de Schmelzen an déi Wäerter déi se virgelieft hunn.

Mat hirem Monument beweist d'Amicale nach eppes Anescht, wat an der Oarbechterwelt net verwonnerlech ass. Si weist Courage, well dat Monument steet dobaussen zimmlech eleng do. Juste niewendrun op der Héichuewenterrasse stinn neemlech aner Wäerter am Mëttelpunkt. Net Authentizitéit, Humilitéit a Solidaritéit, mee Demagogie, Megalomanie a Muechthaberei

sinn do d'Motoren. An et wonnert mech dofir och net, dass no der Mutilatioun vun den Héichiewen A a B, no der Mutilatioun vum Fundament vum Héichiewen C, no der Mutilatioun vum Highway mer elo de Privileg hunn déi nächst Etappen vun der Verstümmelung vun der Héichiewenterrass live matzeerliewen.

Vum Monument aus kënne mer nämlech déi nächst Méint a Joren matverfolgen, wa mer op Belval Plaza oder an d'Rockhal gin, wéi dat wat vun der Héichiewenterrass iwreg bleift progressiv mat Gebeier zouge-
tippt gëtt. Gebei no Gebei, Quadratmeter no Quadratmeter.

Ech hu mech laang gefrot, wéi dat méiglech ass. Wat déi eigentlech Grënn vun der progressiver Zerstéierung a Banaliséierung vun engem eenzegaartegen Site an exceptionelle Patrimoine kéinte sinn. Ech muss éierlech soen, dass ech déi Grënn net kann novollzéien. Ech hunn awer eng Vermutung doriwwer wat deene Leit fehlt, déi vun Erhalen schwätzen an dann Ofrëss no Ofrëss duerchféieren oder zouloossen.

Wat hinne fehlt oder wat si vergiess hunn, dat ass dat wat d'Oarbechter net nëmme mech, mee eng ganz Rei vun de Leit déi haut heihinner komm sinn, geléiert hunn. Si hunn eis nämlech geléiert weder stolz ze sinn aus enger Oarbechterfamill an enger Minettsgéigend vu Schmelzen, vu Feier an Damp a vu Kaméidi ze kommen nach eis dofir ze schummen. Si hunn eis eppes vill méi Wichteges geléiert. Si hunn eis geléiert déi Originen, dës Géigend an seng Mënschen gären ze hunn.

Denis Scuto

(Ried gehalen am Kader vun de Feierlechkeeten zur Aweiung vum Monument „Als Erinnerung“ (Kënschtler: Jang Meis) vun der Amicale des Anciens des Hauts Fourneaux A et B de Profil Arbed Belval, 3.12.2008)

